**Evangelium vum 14. Sonndeg am Joreskrees (Joer C)**

**Lk 10,1-12.17-20**

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Lukas.*
*A. Dir all Éier, Här.*

1 Den Här huet 72 aner Jünger bestëmmt
an si zu zwéin an zwéin an all Stad an all Uertschaft virgeschéckt,
an déi hie selwer goe wollt.

2 Hie sot zu hinnen: "D'Rekolt ass zwar grouss,
ma d'Aarbechter sinn net zu dacks.
Biet duerfir den Här vun der Rekolt,
Aarbechter an seng Rekolt erauszeschécken!

3 Gitt!
Kuckt, ech schécken iech wéi Schof ënner d'Wëllef.
4 Huelt kee Geldbeidel mat,
kee Kuuschtesak, keng Sandalen,
a gréisst keen ënnerwee!

5 Wann dir an en Haus eragitt,
da sot fir d'éischt: 'Fridde sief mat dësem Haus!'
6 Wann do e Mënsch wunnt, deen op ass fir de Fridden,
da rout äre Fridden op him;
wann awer net,
da kënnt en op iech zréck.
7 Bleift an deem Haus
an iesst an drénkt dat, wat d'Leit iech ginn!
Den Aarbechter huet nämlech säi Loun zegutt.
Laaft net vun engem Haus an dat anert!

8 Wann dir an eng Stad eragitt
an do opgeholl gitt,
dann iesst dat, wat iech virgesat gëtt,
9 an heelt déi Krank, déi do sinn,
a sot hinnen:

'Dem Herrgott säi Räich ass bei iech schonn um Kommen.'

10 Wann dir awer an eng Stad eragaang sidd
an net do opgeholl gi sidd,
da gitt eraus op d'Strooss a sot:
11 'Esouguer de Stëbs vun ärer Stad, deen un eise Féiss pecht,
rësele mir iech erof.
Dat hei awer sollt dir wëssen:
Dem Herrgott säi Räich ass um Kommen!'
12 Ech soen iech:
Sodom ergeet et deen Dag méi gelënd wéi där Stad do."

17 Déi 72 si voll Freed erëmkomm a soten:
"Här, wa mir däin Numm soen,
da sinn esouguer d'Dämonen äis ënnerdon."
18 De Jesus awer sot zu hinnen:
"Ech hu gesinn, wéi de Satan wéi e Blëtz vum Himmel gefall ass.
19 Kuckt, ech hunn iech d'Muecht ginn,
Schlaangen a Skorpiounen an dem Feind seng ganz Kraaft
mat Féiss ze trieden,
an et gëtt glat a guer näischt, wat iech schuede kéint.

20 Dir sollt iech awer net doriwwer freeën,
datt d'Geeschter iech ënnerdo sinn,
ma freet iech driwwer,
datt är Nimm am Himmel ageschriwwe sinn!"

*G. Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*
*A. Dech, Christus, luewe mir.*